CSV FRÉISENG

Froen un de Schäfferot

Sëtzung vum Gemengerot vun der Gemeng Fréiseng de 27. Januar 2021

Här Buergermeeschter, Dir Häre Schäffen,

sou wéi d'Gemengegesetz dat a sengem Artikel 23 virgesäit, an eis baséierend op den Artikel 8 vum "Ordre Intérieur de la Commune de Frisange", wëlle mir am Numm vun der CSV zum Punkt „Questions écrites au collège échevinal“ vun der Dagesuerdnung déi folgend Froen un lech riichten:

Aktiounsplang géint de Kaméidi

An der Sitzung vum 23. Dezember 2020 gouf dem Gemengerot den Avis vum Schäfferot zum Aktiounsplang géint de Kaméidi vum Ëmweltministère zur Ofstëmmung ënnerbreet. An der Press si mer an de leschten Deeg gewuer ginn, dass sech eng Rei Südgemengen (Beetebuerg, Déifferdeng, Esch/Uelzecht, Käl, Monnerech, Péiteng, Réiser, Suessem, Schëffleng) zesumme gedoen hunn fir e gemeinsamen Avis auszeschaffen an esou ënner anerem méi e groussen Afloss op den Ëmweltministère auszeübe fir méiglech Ännerungen an Erweiderungen am Aktiounsplang ze erreechen. An dësem Kontext huet d'CSV folgend Froen:

- Ass d'Gemeng Fréiseng am Virfeld gefrot ginn, op se sech wéilt un deem gemeinsamen Avis bedeelegen?
- Falls jo, wat sinn d'Grënn vum Schäfferot fir net mat deenen anere Gemengen op dësem Punkt zesummegeschafft ze hunn?
- Wat ass dem Schäfferot seng generell Astellung zu esou interkommunal Zesummenaarbechten an der Zukunft?

Staatleche Bauprojet „Op Flouer“

An der „Op Flouer“ Strooss zu Fréiseng goufen déi al Douanier-Haiser vum Staat ewech gerappt fir e neie staatleche Projet vun „2 structures d'acceuil modulaires pour réfugiés“ ze realiséieren. Kann de Schäfferot eis heizou méi Informatioune gi wat do genau geplangt ass?

Projet SUDWAND

Am Kader vum Projet SUDWAND soll elo ab Mëtt 2021 e Wandrad an der Nopeschgemeng Réiser opgeriicht ginn. Dëst Wandrad ass tëschent 800 an 1000 Meter vun den éischten Haiser zu Helleng ewech. Bezuch huelend op Är Äntwert op eis Fro am Gemengerot vum 28. Mäerz 2018, wou den Här Schäffe Raus matgedeelt huet, dass eng Informatiounsversammlung fir d'Hellenger Bierger ugefrot wier an op Basis vun Informatiounen an enger Ufro vun engem Hellenger Matbierger hätte mer folgend Froen dozou:

- Gëtt eng Informatiounsversammlung fir d'Hellenger Matbierger organiséiert, fir se iwwert de Projet ze informéieren an op déi sécherlech berechtegt Froe vun de Leit ze äntweren?
- Huet de Schäfferot an der Tëschenzäit weider Informatiounen zum Projet vu Sudgaz oder Soler kritt?
- Kritt eis Ëmweltkommissioun de Projet nach virgestallt?

Verkéiersetüd „Concept global mobilité"

An der Sitzung vum 28. Mäerz 2018 hat de Gemengerot en Devis vun 100.000€ fir eng Etude „Concept global mobilité" gestëmmt. Laut den Zuelen zum Budget 2020, déi de Gemengerot am Dezember 2020 mam Budget 2021 presentéiert krut, schéngt dës Etüd ofgeschloss ze sinn.

- Wéini kritt de Gemengerot d'Resultater vun dëser Etüd an déi eventuell Suite virgestallt?
- Ass d'Verkéierskommissioun schonns domat befaasst gi respektiv ass et virgesinn d'Kommissioun ëm hiren Avis dozou ze froen?
- Dierft de Gemengerot eng Kopie vun der Etude kréien?

Marc Jacoby Claude Courtois Georges Hoffmann